



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8090 vum 14. Juni 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

A senger parlamentarescher Fro stellt den honorabelen Deputéierten d'Fro, op den Ofstand vun 1,5m och gëllt wann en Auto e Vëlo deen op enger Voie suggestive ass iwwerhëlt.

D 'Obligatioun fir, als Fuerer vun engem motoriséierte Gefier, beim Iwwerhuele vun engem Vëlo en Ofstand vun 1,5 anzehalen gëllt och am Fall vun enger "voie suggestive", respektiv wéi am Artikel 2, ënner 1.13. definéiert, enger "*voie de circulation d'une chaussée, qui est destinée mais non réservée à la circulation des cycles et qui est séparée du reste de la chaussée par une ligne discontinue*".

Bei sou enger "voie suggestive", oder "Angebotsstreifen", handelt et sech tatsächlech net em eng eege Spuer déi fir de Vëlo reservéiert ass, mee ëm en Deel vun der Strooss, déi de motoriséierte Verkéier wa méiglech évitéiere soll, mee trotzdem benotzen dierf. Autofuerer, déi laanscht de Vëlofuerer komme wëllen, müssen also en Iwwerhuelvirgang maachen an domat och den Ofstand vun 1,5 Meter respektéieren.

Bei der Vëlosspuer, oder "voie cyclable obligatoire", hunn d'Auto- an d'Vëlofuerer jeeeweils hir eege Spuer. Et gëtt niewentenee gefuer wéi am Artikel 118 §1 a) beschriwwen. Jidderee kann hei seng eege Vitesse bestëmmen a wann d'Autofuerer laanscht d'Vëlofuerer fueren, ass dëst net als Iwwerhuelvirgang ze bezeechnen, wéi am Artikel 125 erkläert.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch